


Extrait aus der Zeechnung
vum Braun-Hogenberg, 1565-1584
mat enger Vue vun der
„Wenzelsmauer“.



# *D’Festungswierker* *vun der Tréierer Front*

**Text:** Rob Wagner
**Illustratiounen a Fotoen:** Rob Wagner

D’Tréierer Front gëtt delimitéiert am Norden duerch de Bock Fiels, am Osten duerch den Centser Plateau, am Süden duerch d’Uelzecht an am Westen duerch d’Virstad Gronn. Mir fannen am Beräich vun dëser Front Elementer vun der Militär-Architektur vum Mëttelalter un, bis an d’nonzéngt Joerhonnert. Well all dës Bauwierker no beienaner leien, ass et zimlech einfach ze weisen, wéi d’Festungswierker am Laf vun der Zäit ëmmer méi vergréissert, ausgebaut an doduerch méi perfekt goufen.

Mir fannen ausserdeem eng Folleg vu Verdeedegungssystemer, déi am Laf vun de Joerhonnerten deelweis aneneen an iwwertenee gebaut goufen, vun der mëttelalterlecher Stadmauer ugefaange bis zum moderne Fort. Dës Bauwierker weisen, wéi déi jeeweileg Besatzer vu Lëtzebuerg hir Techniken agesat hunn, fir d’Festung ëmmer nees den Ufuerderunge vun der Krichsféierung unzepassen a wéi dës Festung och doduerch ëmmer méi grouss gouf. Wann déi zivil genotzte Flächen een Drëttel vum Gebitt vun der Stad ageholl hunn, esou goufen zum Schluss vun der Festungszäit déi restlech zwee Drëttel exklusiv vum Militär beluecht.

### D’Mëttelalter

D’Zäit vum Enn vum 14. Joerhonnert war markéiert duerch zwee grouss Schantercher an der Stad. Tëschent 1393 an 1395 gouf deen Deel vun der grousser Stadmauer tëschent der Judde Paart (Kräizung Bd. Royal/Groussgaass) an der Jost Paart (Place de Bruxelles) gebaut. Deen aneren Deel bis bei d’“Lymperts”-Paart (Kräizung Bd. Royal/Eecherbierg) ass dono an de Joren 1395 bis 1399 entstanen. Dat wësse mer zimlech genee duerch déi al

Rechnungsbicher vun der Stad Lëtzebuerg aus där Zäit. Op der Rumm schéngt deemools nach keng Mauer bestanen ze hunn, well et gëtt an dësen Ofrechnunge vun den Aarbechten, déi an a ronderëm d'Stad gemaach goufen, net vun der Rumm geschwat. Allerdéngs geet Rieds dervun, datt op der "Dinsselen", esou huet deemools d'Rumm geheescht, e Kallekuewen an de Joren 1390 bis 1393 bedriwwe gouf an datt do wahrscheinlech dee Kallek gebrannt gouf, fir déi uewen ernimmte Schantercher ze beliwweren. Wou dëse Kallekuewe genee stoung, konnt bis elo awer nach net eraus fonnt ginn. Et kann een och unhuelen, datt déi sëlleche Koralle-Kallek- Steng, déi ëmmer nees op en neits op der Rumm an um Fetschenhaff fonnt ginn, aus réimescher Zäit stamen a wahrscheinlech aus den ale verfalene réimeschen Uertschafte bei Hueschtert, Duelem oder Mamer op d'Rumm bruecht goufen, fir do gebrannt ze ginn.



Le Fort Rubamprez et le Fort Rumigny au Fetschenhof (1930, auteur inconnu) © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Ee bestëmmten Deel vun der sougenannter "Wenzelsmauer" muss awer am Dall tëschent dem Gronn a Clausen schonn am 14. Joerhonnert bestanen hunn, well 1395 goufe Reparaturaarbechten un der "Crudels"-Puert bezuelt. D'Iwwerreschter vun dësem Bauwierk sinn am alen "Tuutesall" (haut: Salle Robert Krieps) erhalen.

Tëscht de Jore 1400 a 1413 souwéi 1421 bis 1424 feelen d'Rechnungsbicher vun der Stad Lëtzebuerg. Eréischt vum Joer 1426 un ginn da Paarten am Gronn ernimmt. Dat léisst drop schléissen, datt d'Befestegungen am Beräich vum Gronn eréischt an de Joren tëschent 1421 a 1426 entstane sinn, op d'mannst emol d'Paarten. Am Joer 1426 ginn nämlech Reparaturen un der "Bisterport" an un der "Dinselport", déi al Tréierer Paart, bezuelt. Doduerch sinn dës 2 Stad-Paarte fir d'éischte Kéier ernimmt. Ausserdeem gëtt d'"Sankt Ulrichs" Paart genannt well d'Barrière virdrun en neit Schlass mat engem Schlëssel kritt. Mir ginn des weidere gewuer, datt an der "Dinsel-Porte" an an der "Ulrichs-Porte" e Portier bezuelt gouf, an datt fir d'Zäit vun der Schueberfouer, déi dee Moment nach um Helleg-Geescht Plateau ofgehale gouf, dräi Schützen an deenen zwou Paarten am Gronn an op der Rumm stationéiert waren.

No der Eruewerung vun der Stad den 22. November 1443 duerch d'Burgunder gi 1444 den "Orth"-Tuerm" an d'"Dinsel"-Mauer fir d'éischte Kéier an de Rechnungsbicher erwäänt, well dee Moment zwee Wiechter bezuelt ginn. Vun elo un gëtt dann och regelméisseg an de Rechnungsbicher iwwer Reparaturaarbechten un de Fortifikatiounen, ënnert anerem och vun der Rumm an aus dem Gronn, geschwat.

Och wa mer keng genee Detailer iwwert d'Erbauungszäit vun der "Wenzelsmauer" op der Rumm hunn, esou liwweren eis d'Rechnungsbicher dach eng Hellewull vun Eenzelheeten iwwert dës Konstruktioun, déi vill Ënnerhalt gebraucht huet an ëmmer nees ëmgebaut a verstäerkt gouf. Esou koum beispillsweis eng zweet Mauerschuel virun déi éischt, wouduerch d'"Wenzelsmauer" méi déck a méi resistent géint de Beschoss mat Kanoune gouf. 1590 gouf déi al "Dinsel"- Paart zougebaut an duerch déi nei Tréierer Paart ersat. 1682 koum en zimlecht aussergewéinlecht Bauwierk, de "Réduit du Rham" bei d'Fortifikatioune vun der Rumm derbäi. Um Bord vum Plateau, exakt iwwert den Diech vum Stadgronn, ass dat fënnef-eckegt Bauwierk entstanen, wou d'Verdeedeger sech konnten zréckzéien am Fall vun engem Ugrëff op d'Rumm. E Gruef huet dat bastiounsaartegt Bauwierk a Richtung "Wenzelsmauer" vum Plateau ofgetrennt.

## 17. Joerhonnert – D'Fransouse sinn zu Lëtzebuerg

Och wann den Haaptugrëff vum Sonnekinnek Louis XIV vum Lampertsbierg iwwert d'Neipuert erof gefouert gouf, esou goufen et och nach 2 Niewenugrëff, deen een iwwert den Neimënster-Plateau op de Bock erop an deen anere vum Cents erof op d'"Wenzelsmauer". Den 8. Mee 1684 goung et um Fetschenhaff lass a schonn den 20. Mee war e grousst Lach an d'"Wenzelsmauer" gesprengt ginn, duerch dat 7 franséisch Zaldote gläichzäiteg op de Plateau vun der Rumm konnte kommen. Esou heescht et zumindest an de Chroniken. De 24. Mee gouf dësen Ugrëff allerdéngs ofgeblosen, well ee festgestallt huet, datt iwwert dëse Wee wuel kaum an d'Festung eran ze komme war. Den 3. Juni um 16 Auer gouf am franséischen Haaptquartéier zu Märel d'Kapitulatioun vun der spuenescher Festungsgarnisoun ënnerschriwwen.

De Vauban, deen d'Pionéier wärend der Attaque dirigéiert hat, huet sech nom 14. Juni un d'Aarbecht gemaach, fir d'Festung Lëtzebuerg, déi en den 12. Juni an engem Bréif als "... grande, belle ... " bezeechent hat, ze vergréisseren an ze verstäerken. Schonn den 10. Juli war de Projet esou wäit ofgeschloss, datt e konnt de 14. Juli 1684 vum Louis XIV ënnerschriwwe ginn. D'Aarbechten hunn direkt ugefaangen a waren no 3 Joer fäerdeg. De Sonnekinnek selwer huet zu Lëtzebuerg alles vum 21. bis de 26. Mee 1687 inspizéiert.



De „Ravelin du Rham“ no de Restauratiouns-aarbechten. R. Wagner, 2014.

Wat d'Rumm betrëfft, esou hat de Vauban virgesinn, all Schied, déi duerch den Ugrëff entstane waren, ze flécken. Och de Gruef virun der "Wenzelsmauer" gouf méi déif a méi breet gemaach an e bommeséchere Verbindungsgang (Poterne mat Kaponnière) gouf ugeluecht, dee vum Plateau bis op deen neie Ravelin verlaf ass. Dëse Ravelin, dee ganz ronderëm mat engem Gruef ëmschloss war, huet de franséischen Ingenieur virun d'"Wenzelsmauer" baue gelooss, fir ze verhënneren, datt ee konnt mat Kanoune riicht drop schéissen.

Op der Rumm selwer hat de Vauban a sengem éischte Projet nach keng Kasäre geplangt. Déi, déi elo do stinn, goufen awer direkt scho 1685 gebaut. Esou ware 4 duebel Kasäre mat 3 Stäck an 8 Zëmmere pro Stack entstanen, wou insgesamt 176 Better dra stoungen a jee nodeem tëschent 1.780 an 2.112 Zaldote schlofe konnten. An engem 5. Gebai, dem sougenannte "Pavillon", konnten nach emol 330 Zaldote wunnen.

Eppes méi wäit virun dem Ravelin gouf nach e quadratescht Bauwierk opgeriicht, d'"Redoute de la Bombarde", dat als Zweck hat, den Centser Plateau ze iwwerwaachen an en eventuellen éischten Ugrëff ofzewieren. Ausser enger klenger Kasematt, wor déi Redoute awer net bommesécher gebaut.

## 18. Joerhonnert – Gréissten Ausbau vun der Festung


An den 30er Jore vum 18. Joerhonnert entsti 1735 tëschent dem "Ravelin du Rham" an dem Fetschenhaff zwee nei Festungswierker, an zwar d'Forten "Rubamprez "a "Rumigny".

Den éisträicheschen Ingenieur Simon De Bauffe hat deemools dee gréissten Ausbau, deen an onser Festung virgeholl gouf, geplangt an zum gréissten Deel och ausgefouert. Wat déi Tréierer Front ubelaangt, esou huet hie ronderëm déi franséisch "Redoute de la Bombarde" eng Enveloppe ugeluecht. Dëst Wierk, ähnlech wéi de "Ravelin du Rham", war wéi eng Bastioun fënnefeckeg gebaut, war duerch e Gruef vum Centser Plateau ofgetrennt an huet déi franséisch Redoute bal komplett ëmschloss. Dës Redoute hat vun elo un d'Funktioun vun engem Reduit an dat Ganzt gouf als Fort "Rumigny" bezeechent.

Tëschent dem Fort "Rumigny" an der Rumm gouf awer nach ee ganz neie Fort gebaut. Dëse Fort "Rubamprez" war eng vereinfacht Form vum grousse Fort "Thüngen", dee 1732 op den heitegen "3 Eechelen" entstane war.

1794 blockéiert déi franséisch Arméi d'Festung Lëtzebuerg op en neits. Tëschent dem 28. November an dem 4. Dezember 1794 gëtt eng Schanz aus Buedem um Fetschenhaff fir 2 Kanounen opgeschott, wouduerch d'Strooss fir op Tréier ënnerbrach gouf. Den 23. Abrëll 1795 gouf dës feilfërmeg Schanz vergréissert an et konnt ee bis zu 6 Geschützer dran opstellen, well vum Cents hier ware kuerz virdrun eng Rei vu franséisch Ugrëffer op dëst Wierk an op d'Festung gestart ginn. Vun elo un, a bis haut, verleeft d'Strooss an engem Bou ronderëm déi Schanz vum Fetschenhaff.

Den 8. Juni 1795 kapituléiert déi éisträichesch Garnisoun a verléisst d'Festung den 10. Juni. An der franséischer Zäit, déi bis 1814 dauert, gëtt net vill un de Festungswierker gebaut. Nennenswäert ass just d'Maquette, déi tëschent 1802 an 1805 duerch d'Equipe vum Citoyen Boitard entsteet an haut am "Musée des Plans-reliefs" zu Paräis versuergt gëtt.



Rekonstruktiounszeechnung vum Fort Du Moulin. Zeechnung: R. Wagner.

## 19. Joerhonnert – Lëtzebuerg ass Festung vum däitsche Bond

No der Defaite vum Napoleon bei Waterloo sinn zënter dem 30. Mee 1814 preisesch Truppen an der Festung stationéiert. Zwielef Joer méi spéit gëtt den 13. Mäerz 1826 Lëtzebuerg offiziell zur "Bundesfestung" erklärt, wouduerch dann och elo gréisser Bauaarbechten duerchgezu ginn.

1836 gëtt déi al éisträichesch Schanz um Fetschenhaff ëmgebaut, wouduerch de "Fort du Moulin" entsteet. Dëst Festungswierk huet als Grondform



D'„Redoute de la Bombarde" an hirem heitegen Zoustand, R. Wagner, 2017.



e Losange, deen un de Feil erënnert. En déiwe Gruef leeft ronderëm dëse Losange. Iwwert eng hëlze Bréck an duerch eng Paart kennt een an de Fort eran. Do gëtt et ënnerierdesch Kasematten, bommesécher Polvermagasénger, Wäll aus Buedem Plattformen, fir Kanounen drop ze stellen. Eng Galerie verbënnt de "Fort du Moulin" mam Fort "Rumigny". D'Forte "Rubamprez" a "Rumigny" gi moderniséiert. Hei gi Kichen a Polvermagasénger gebaut.

Och de "Reduit du Rham" gëtt an d'Rei gesat. Hie kritt en Daach a gëtt als Polvermagaséng ëmgebaut. E grousst Kierchegebai an eng ganz nei bommesécher Kasär entstinn op der Rumm. Schliisslech gëtt un der Drénkwaasserversuergung a -verdeelung geschafft.

Eng lescht Interventioun vu Militär-Ingenieuren ass noutwenneg am Kader vum Bau vun der Eisebunn Ufanks den 1860ger Joren. Virum "Ravelin du Rham" gouf fir d'Nordstreck en déiwen Aschnëtt an de Sandsteen gesprengt, wat dozou gefouert huet, dat d'Spëtzt vum Ravelin huet missen ofgerappt ginn. Niewent dem Ëmbaue vun der Kaponnière goufen eng Bréck an zwou kasematéiert Batterië fir Kanounen a Gewierfeier am Ëmfeld vun der neier Eisebunn gebaut. Um Ravelin ass en neit Polfermagaséng entstanen.

## No der Schleefung gouf restauréiert

Den 11. Mee 1867 gouf d'Stad Lëtzebuerg als oppe Stad erklärt an d'Festungswierker hu missten onbrauchbar gemaach an ofgerappt ginn. Verschidde Gebaier, wéi beispillsweis d'Kasären an d'Kiche vun der Rumm, de Jakobsturm, verschidden Tierm vun der "Wenzelsmauer", asw. sinn erhale bliwwen.

Tëschent 2003 an 2008 huet de "Centre National de Recherche Archéologique (CNRA)" gréisser archeologesch Aarbechten am Beräich vun der "Wenzelsmauer" duerchgefouert. 2009 si vum "Service des Sites et Monuments nationaux (SSMN)" d'Pläng fir d'Restauratioun vun dësem Deel vun onser Festung ausgeschafft ginn. D'Aarbechte selwer hu gedauert vun 2010 bis 2014 bis de Site den 30. Juli 2015 feierlech ageweit gouf.

An de Joren 2008 an 2009 sinn archeologesch Ausgruewungen um Site vum "Fort du Moulin" duerchgefouert ginn an dat am Kader vum Bau vum Haaptgebai vun der FNEL. Hei konnte gréisser Deeler vum Fort ënnersicht ginn. Leider sinn déi ënnersichten Elementer no der Ausgruewung nees am Buedem verschwonnen.

Am Beräich vum Fort "Rumigny" goufen tëschent de Joren 2000 an 2017 déi al franséisch "Redoute de la Bombarde", dee spéidere "Réduit Rumigny" vum "Service des Sites et Monuments nationaux" restauréiert an aménagéiert an ass haut de Sëtz vun der Vereenegung "Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg a.s.b.l."

2011 an 2012 goufen Deeler vum hënneschte rietse Gruef a vum Reduit vum Fort "Rumigny" duerch de "Centre National de Recherche archéologique (CNRA)" ënnersicht. Dës Agréffer waren noutwenneg ginn duerch de Bau vum neie "Sportslycée" um INS.

Och um Fort "Rubamprez" gouf, a gëtt fir den Ablack geschafft. 2010 bis 2011 sinn nees verschidden Deeler vun den ënnerierdeschen Anlagen zougänglech gemaach ginn dank der Mathëllef vun de "Ponts et Chaussées". Aner gréisser Aarbechte sinn tëschent 2016 an 2019 un der rietser Säit vun der Enveloppe a vum Gruef vum Fort vun den CFL duerchgefouert ginn. Hei goung et drëm, fir d'Festungsmaueren ze sécheren, well déi moderniséiert Eisebunnslinn tëschent Lëtzebuerg an Tréier hei ganz no laanscht verleeft.

*De **Rob Wagner***

*ass pensionnéierte Staatsbeamten an huet am "Centre National de Recherche archéologique" geschafft, wou hie sech e.a. och ëm d'Festung Lëtzebuerg gekëmmert huet. En ass President an Tresorier vun de "Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg asbl".*